

Avis au Public : COVID-19

Léif Awunner aus der Gemeng Monnerech,

Opgrond vun der aktueller Situatioun riicht d'Gemeng Monnerech nach eemol en Appell u jiddereen, säin Undeel géint d'Verbreedung vum Corona-Virus bäizedroen. An deem Sënn biede mer jiddereen, wéi vun der Regierung ugekënnegt, souwäit wéi méiglech DOHEEM ZE BLEIWEN a während dëser Zäit d'sozial Kontakter op en absolute Minimum ze reduzéieren.

An der Tëschenzäit goufe verschidde Mesuren ëmgesat. E puer Informatiounen :

D'Gemeng schafft nëmmen nach op Rendezvous. Kontakt : 55 05 74-1
État Civil : population@mondercange.lu
Secrétariat : commune@mondercange.lu
Gestion des déchets : dechets@mondercange.lu
Problèmes techniques (Urgence) : 621 319 344

Offallsammlung:

D'Ofhuele vun de verschiddene Poubellen ass weiderhi garantéiert. Déi schwaarz an déi gréng Dreckskeëscht gi prioritär ewech geholl.
D'Collecte fir Pabeier, Glas a PMC/Valorlux-Tuten kéint eventuell nei organiséiert ginn. Dir gitt am Virfeld iwwer all Ännerung informéiert.

De **Recycling Center (SIVEC)** ass bis op Weideres zou. D'Gemeng ass am Gaang un engem Léisungsvorschlag ze schaffen.

Servicer:

De **CIGL** an Zesummenaarbecht mat **ProActif** bidd säit dem 19. März 2020 de Service « Livraison à domicile pour produits de première nécessité » un. Kontakt a weider Detailler :
CIGL mondercange@cig.lu oder 55 81 11-1
ProActif info@proactif.lu oder 27 33 44-1.

D'Gemeng deelt mat, dass **d'Monnerecher Guiden a Scouten** sech bereet erkläert hunn de

Leit bei Akeef oder anere Besoinen ze hëllefen.
Kontakt : (+352) 691 951 944 oder mail@jbm.lu.
An deem Kontext deelen **d'Monnerecher Guiden a Scouten mat**, dass dëst Joer d'Ouschtereeër-Aktioun leider ausfällt.

Déi nei Plattform www.corona.letzshop.lu, déi och ënnert der **Hotline 8002 9292** ze errechen ass, riicht sech un eng vulnerabel Populatioun also net u Persounen, déi nach selwer akafe kënnen. Ugebuede ginn eng 40 Artikelen aus dem Liewensmëttel- an Hygièneberäich. Geliwwert gëtt bannen 72 Stonnen.

Restaurants:

An der Gemeng Monnerech ginn et aktuell nach eng Partie Restaurants déi e Service de Livraison à domicile ubidden.

Disponibilitéit vun der Police:

De Nament sin d'Büroen vun der Police net op fir de Public. Et ass awer méiglech iwwert ee Parlophone, deen am Entréesberäich vum Kommissariat zu Schëffleng hänkt, mat de Beamten ze schwätzen. Kontakt : **24457 1000**
police.portedusud@police.etat.lu

Evenementer:

Alleguerfen d'Evenementer sinn bis den 15. Juni 2020 inclus ofgesot. Dorënner falen ënner anerem d'Nopeschfest, de Monnerecher Laf, d'Nuit du Sport.

ONA – Demandeurs de protection internationale:

D'Gemeng deelt mat, dass den **Office national de l'accueil** wéinst der aktueller Situatioun d'Gebai vun der **EDIFF** temporär wäert notzen fir Demandeurs de protection internationale ënnerzebréngen. Dëst geschitt ënner allen néidegen Sécherheetsmesuren a gëtt 24/24h surveilléiert.

Wichtig Nummern a Kontakter:

Am Fall vu familiären oder perséinleche Problemer sinn dëss Ulafstellen fir Iech do :

- **SOS détresse:** méindes, dënschdes, mëttwochs, donneschdes a sonndes vun 11.00 bis 23.00 Auer, freides a samschdes vun 11.00 bis 03.00 Auer.
Kontakt: 45 45 45 oder www.454545.lu
- **Psychologischer Dienst und schulische Unterstützung** (Centre psycho-social)
Telefon a Whats'app von 8.00 bis 12.00 Auer a vun 13.00 bis 17.00 Auer.
Kontakt: 621 533 970, 621 533 971, 621 533 973, 621 533 974 oder www.cepas.lu
- **Kanner- a Jugendtelefon:** méindes, mëttwochs a freides vun 17.00 bis 22.00 Auer, dënschdes an donneschdes vun 14.00 bis 22.00 Auer, samschdes vun 14.00 bis 20.00 Auer. Kontakt : 116 111 oder www.kjt.lu
- **Elterentelefon:** méindes, mëttwochs, freides vun 9.00 bis 12.00 Auer, dënschdes an donneschdes vun 9.00 bis 12.00 Auer, samschdes vun 17.00 bis 20.00 Auer.
Kontakt : 26 64 05 55 oder www.kjt.lu
- **Info-Mann:** méindes bis freides vun 9.00 bis 17.00 Auer. Kontakt : 27 49 65 – 1 oder www.infomann.lu
- **Schouldoheem/Kannerdoheem:**
Kontakt : 8002 9090 oder www.schouldoheem.lu
- **Office Social/Sozialamt:**
Kontakt : 55 05 74 – 570, 55 05 74 – 571, 55 05 74 – 572 vun 8.00 bis 16.00 Auer.
- **Am Fall vun haislecher Gewalt/Im Falle von häuslicher Gewalt:**
Kontakt : 113 oder www.violence.lu
- Fir all weider Froen iwert COVID-19, kënnt Dir d'Helpline 8002 80 80 oder de Website www.gouvernement.lu/coronavirus consultéieren.

Fir ëmmer an iwverall iwvert déi aktuell Situatioun um neitste Stand ze sinn:

www.mondercange.lu
www.facebook.com/GemengMonnerech/
www.sms2citizen.lu

www.sante.lu
www.gouvernement.lu

De Monnerecher Schäfferot